CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
17 AVR. 2019
640

**Lëtzebuerg, den 17. Abrëll 2019**

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech lech dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Minister fir Kommunikatioun a Medien, den Här Justizminister an den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Et ass mir zougedroe ginn, dass Servicer vum Staat „casier-ähnlech" Fichieren alimentéieren mat Faiten, déi zwar eng strofrechtlech Konnotatioun kéinten hunn, déi awer ni zu iergendwelleche Condamnatiounen gefouert hunn.

Duerfir wéilt ech folgend Froen un d'Häre Ministere stellen:

- Kann d'Regierung d'Bedreiwen vu sou Datebanken confirméieren?
- Wa jo, wéi eng Servicer besëtze sou Fichieren?
- Wien huet Accès op dës Daten an zu wéi engen Zwecker?
- Kënnen dës Informatiounen och benotzt ginn am Kontext vun Neiastellungen beim Staat?
    - Wa jo, a wéi enge Fäll ass dat méiglech?
    - Wann net, kann d'Regierung confirméieren, dass dës Informatiounen an der Vergaangenheet net fir sou Zwecker „mëssbraucht" goufen?

Här President, ech bieden lech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Laurent Mosar
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 17 avril 2019

Objet : Question parlementaire n° 640 du 17.04.2019 de Monsieur le Député Laurent Mosar - Banque de données similaire au casier judiciaire

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Pour le Président,

Henri Kox
Vice-Président de la Chambre des Députés

23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg
Tél.: (+352) 466 966-1 | Fax: (+352) 22 02 30
www.chd.lu